N°1642
Entrée le 09.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro N° 1642 vum 9. Dezember 2024 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zum Accident op der Schleis zu Müden an Däitschland.

D'Musel ass e wichtegen europäesche Floss an ee vun de meescht befuerensten derbäi. Et ass déi drëtt lescht Schleis virum Rhäin an et ass wichteg gewiescht schnell a gutt ze reagéieren. D'Regierung huet verschidde Mesuren de 17. Dezember 2024 bei enger Visitt vum Hafe vu Mäertert ugekënnegt fir den Impakt op d'Wirtschaft ze minimiséieren an d'Liwwerketten ze garantéieren. Et gëtt op de Pressecommuniqué (Yuriko Backes et Lex Delles visitent le port de Mertert, suite à l'incident sur la Moselle allemande et confirment la mobilisation du gouvernement pour soutenir les entreprises impactées) vum 17. Dezember 2024 verwisen.

Den 19. Dezember 2024 hat d'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten och en Austausch mam Minister fir Digitalisatioun a Verkéier vun Däitschland. Dëst ass nozeliesen am Pressecommuniqué vum selwechten Dag (Austausch zwischen der Ministerin für Mobilität und öffentliche Arbeiten, Yuriko Backes, und dem Minister für Digitales und Verkehr der Bundesrepublik Deutschland, Dr. Volker Wissing, zur Lage nach dem Unfall an der Schleuse Müden). Kuerz no deem Gespréich ass vun den däitschen Autoritéite confirméiert ginn, datt de reguläre Betrib schonn am Februar 2025 kéint opgeholl ginn. Bei enger éischter Evaluatioun vun der Situatioun hat een domat gerechent eréischt am Mäerz kënnen de reguläre Betrib opzehuelen.

Aktuell ass d'Enquête bei den däitschen Autoritéiten amgaang, wat genee d'Ursaach vum Accident war. Et gëllt de Prinzip vum Untersuchungsgeheimnis. Et muss een elo den Untersuchungsbericht vun der Wasserschutzpolizei, respektiv der Staatsanwaltschaft Koblenz ofwaarden.

Et gëtt an Däitschland keng institutionaliséiert Enquêtëkommissioun am Beräich vun der Banneschëfffaart an och keng Verflichtung en anere Staat op Nofro ze bedeelegen oder aner Länner ze informéieren. Et gëtt och kee Bezuch mat Lëtzebuerg deen et sënnvoll maache géif Lëtzebuerg ze bedeelegen.

Däitschland ass net verflicht sämtlech Erkenntnisser automatesch mat deenen aneren Anrainerstaaten ze deele, well de Virfall nëmmen op hirem Territoire stattfonnt huet. D'Kommunikatioun tëscht den däitschen a Lëtzebuerger Autoritéite funktionéiert iwwerdeems ganz gutt.

Et gëllt tëscht dem direkten an dem indirekte Schued z'ënnerscheeden. Eng international Koordinatioun ass do net virgesinn, woubäi sech verschidde Gremien, wéi z.B. d'Muselkommissioun oder awer den CESNI (*Comité européen pour l'élaboration de standards dans le domaine de la navigation intérieure*) wäerte mat de Conclusioune vun de Rapporten insgesamt auserneesetzen, esouwäit se domat vun Däitschland saiséiert ginn.

De Schued un der Schleis selwer ass eréischt z'evaluéiere, wann déi nei Paart agebaut ass.

Den indirekte Schued, deen Entreprisen aus villen Beräicher an aus méi Länner betrëfft (ganz vill Schëffsbedreiwer sinn aus der Belsch oder aus Holland op der Musel ënnerwee) kann ee weder eenzel nach gemeinsam evaluéiere, dësen hänkt vun der Dauer vun der Ënnerbriechung of a ka bei enger internationaler Waasserstrooss net engem Staat attribuéiert ginn.

Déi national Ausfluchsschëffer kënne weiderhin an der Regioun bis Müden fueren. Et ass net bekannt, dass duerch d'Spär vun der Schleis Müden eng Restriktioun fir eng Rees entstane wier oder Lëtzebuerger Ausfluchsschëffer betraff wieren.

Et gëllt däitscht Recht op däitschem Buedem an do gëllt och de Verursacherprinzip esou, dass deen, deen e Schued mécht dofir opkomme muss.

D'Prozedure lafen no däitschem Recht.

Dobäi ass ze soen, dass an der Banneschëfffaart *d'Convention de Strasbourg sur la limitation de la responsabilité en navigation intérieure* (CLNI) spillt. Ob, an a wei enger Héicht eng Haftungslimitt zum Droe kënnt, stellt sech eréischt am Kader vun de Conclusioune vun der Enquête eraus.

Am Fall vun engem eventuelle Feeler vun enger ëffentlecher Autoritéit spillt och déi national Gesetzgebung.

Lëtzebuerg, den 9. Januar 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes